



4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

**1773** - Demande de pétition publique : Tiers payant d'honoraire médical

Dépôt : Massimo Regno, le 25.01.2021

**1772** - Demande de pétition publique : Changement de politique migratoire - Biélorussie

Dépôt : Gustavo Adolfo Strassener, le 25.01.2021

**1771** - Demande de pétition publique : Égalité hommes/femmes - Demande de modification de la réglementation du nombre de toilettes (WC et urinoirs) dans les bureaux et lieux publics

Dépôt : Fabien Kontz, le 25.01.2021

**1782** - Demande de pétition publique : Réouverture des centres de fitness avec un port de masque obligatoire sous peine d'exclusion

Dépôt : Joao Rui Coelho Moreira, le 25.01.2021

**1770** - Demande de pétition publique : Les agences immobilières nécessitent d'avoir un mandat de vente écrit pour toute mise en vente d'un bien immobilier

Dépôt : Marc Kreitz, le 25.01.2021

**1775** - Demande de pétition publique : Transparence de communication des instituts financiers dans le cadre des fonctionnalités « open banking » à la suite de la directive PSD 2 et les possibilités de recourir au « paperless » lors de l'envoi des extraits bancaires ou autres documents

Dépôt : Jean Martin Stoffel, le 26.01.2021

**1777** - Demande de pétition publique : Aufheben der nächtlichen Ausgangssperre in Luxemburg

Dépôt : Max Hoffmann, le 26.01.2021

**1774** - Demande de pétition publique : Adoption plénière pour tous les couples, non seulement les couples mariés

Dépôt : Estelle Munkler, le 26.01.2021

**1776** - Demande de pétition publique : Lëtzebuurger Sprooch

Dépôt : Irme Milli Félicie Hollerich, le 26.01.2021

**1702** - Demande de pétition ordinaire : Rectification de la procédure de recrutement et des modalités pour les carrières policières du Groupe d'indemnité A1 et A2 (Concours externe : cadres policiers et carrières civiles)

Dépôt : Costadinos Gaiganis, le 27.01.2021

**1696** - Demande de pétition ordinaire : Collecte séparée du plastique noir

Dépôt : Enrico Campanella, le 27.01.2021

**1694** - Demande de pétition ordinaire : Centre de loisirs pour conducteur de voitures et de motos

Dépôt : Charles Ries, le 27.01.2021

**1693** - Demande de pétition ordinaire : Demande de modification de la loi du 23 mai 2018. Infraction de dissimulation du visage. Voile islamique

Dépôt : Gustavo Adolfo Strassener, le 27.01.2021

**1780** - Demande de pétition publique : Aschreiwung op enger Lëscht fir Covidimpfung

Dépôt : Jean Wolff, le 28.01.2021

**1779** - Demande de pétition publique : La commission de vente d'une agence immobilière agréée au Luxembourg sera de 3 % + TVA pour toute vente d'un bien immobilier situé au Grand-Duché de Luxembourg

Dépôt : Marc Kreitz, le 28.01.2021

**1778** - Demande de pétition publique : Sauver, réanimer et surtout garder en vie le secteur Horeca...

Dépôt : Joseph Jordan, le 28.01.2021

**1783** - Demande de pétition publique : Pour le droit à une vie sociale et stable pour les professionnels du taxi

Dépôt : Francisco Alexandre Da Cunha Relvão, le 29.01.2021

**1781** - Demande de pétition publique : Autorisation du port d'armes de self-defense non létales

Dépôt : Timofey Potemkine, le 29.01.2021

**1785** - Demande de pétition publique : Projet Constitutionnel Protection des enfants

Dépôt : Gustavo Adolfo Strassener, le 31.01.2021

**1784** - Demande de pétition publique : Déclarer 3 jours fériés au moment où la pandémie Covid19 sera vaincue et proposer de faire pareil dans tous les États membres de l'Union Européenne

Dépôt : Christian Edlinger, le 31.01.2021

**1786** - Demande de pétition publique : Concerne aide à la vie chère (double prime)

Dépôt : Claude Homerowski, le 31.01.2021

**1787** - Demande de pétition publique : Un arbre à planter dans chaque propriété dénudée

Dépôt : Yonel Maniora, le 01.02.2021

**1792** - Demande de pétition ordinaire : Pétition mu-tuelle pour animaux

Dépôt : Serge Pinto, le 02.02.2021

**1789** - Demande de pétition publique : Aufnahme des DAB + Regelbetriebs

Dépôt : Yves Tychon, le 02.02.2021

**1788** - Demande de pétition publique : Pour le droit à une vie sociale et plus stable

Dépôt : Francisco Alexandre Da Cunha Relvão, le 02.02.2021

**1791** - Demande de pétition publique : Pour le choix libre et légal entre « Eltregeld » et mise en crèche gratuite de leurs enfants

Dépôt : Steve Schmitz, le 03.02.2021

**1790** - Demande de pétition publique : Obligation des feux du véhicule allumés pendant toute la journée

Dépôt : Gilles Petit, le 03.02.2021

**1793** - Demande de pétition publique : De Papp ass de Papp, an net den „autre parent de naissance“!

Dépôt : Alain Gales, le 04.02.2021

**1796** - Demande de pétition publique : Annuler le stage de la première commerce

Dépôt : Mélissa Fernandes Moreira, le 05.02.2021

**1794** - Demande de pétition publique : Améliorer la liste des maladies indiquées concernant le traitement avec le cannabis médicinal

Dépôt : Alexandre Corbonnois, le 05.02.2021

**1795** - Demande de pétition publique : BTS

Dépôt : Fatima Messina, le 05.02.2021

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Déclaration de recevabilité de la proposition de loi n° 7754 portant modification de

**1. la loi du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises et**

**2. la loi du 24 juillet 2020 visant à mettre en place un fonds de relance et de solidarité et un régime d'aides en faveur de certaines entreprises et portant modification de : 1° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ; 2° la loi modifiée du 20 décembre 2019 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 ; 3° la loi du 3 avril 2020 relative à la mise en place d'un régime d'aides en faveur des entreprises en difficulté financière temporaire et modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative 1) aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2) à la promotion de la création artistique**

An hirer Reunioun vum 4. Februar 2021 huet sech d'Presidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 7754 iwwer temporär Bähëllef fir verschidden Entreprises, déi de 27. Januar vum Här Marc Spautz deponéiert gouf. Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un, fir d'Proposition de loi 7754 als recevabel ze erklären?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

### 4. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

### 5. Déclaration du Gouvernement relative à OpenLux, suivie d'un débat

Eisen éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass eng Deklaratioun vun der Regierung iwwer OpenLux mat uschléissendem Debat. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

**Déclarations**

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Gudde Mëtteg, Här President, gudde Mëtteg, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierter, léif Regierungskolleegen, et ass - an dat ass ganz verständlech - der Regierung wichteg gewiescht, fir am Kontext vun der Campagne OpenLux am Numm vun der Regierung e puer Klosterstellungen hei ze maachen.

Mir hunn dat - d'Ministerin Sam Tanson an ech - och scho gëschter an der Commission des Finances et

du Budget an an der Commission de la Justice gemaach, mee ech mengen, dass et och wichteg ass, dass een dat an der Plenièr mécht.

Déi Campagne ass am spéide Sonndeg an am Laf vum Méindeg ugaangen a poursuivéiert sech och fir e puer Deeg. Lëtzebuerg gëtt do duergestallt, wéi wa mer eis par rapport zu enger Rëtsch wichtige Sujeten net uerdentlech géife behuelen. Ech wëll domadder direkt ufänken a soen, dass Lëtzebuerg e Cadre juridique huet a Reegelen, déi an totaler Conformitéit sinn, souwuel mat allem, wat mat Fiskalitéit ze dinn huet, mat allem, wat mat Transparenz an allen Domänen ze dinn huet an en particulier an der Fiskalitéit, an dass mer alleguerten d'Reegele vun der Europäescher Unioun anhalen; dass mer alleguerten d'Reegele vun der OCDE, vum GAFI, deem drun ugehaangen ass, anhalen; dass mir en général alleguerten d'international Traitéen anhalen - mir sinn e Rechtsstaat - an dass dofir déi Ennerstellungen, déi Amalgammen, déi do gemaach ginn, iwwerhaupt net nozevollzéie sinn an natierlech och engem Land wéi eisem, wat sech Méi gëtt, fir d'Reegelen anzehalen, d'international Reegelen, déi jo grad kleng Länner protegéieren, dass mer déi Reegele ganz seriö an eis zu Häerz huelen.

Ech géif d'Presentatioun en fait gäre ronderëm dräi Sujeten achséieren. Deen Éischten: alles ronderëm d'Fiskalitéit; deem zweete Sujet: ronderëm Blanchiment; an dann deem drëtten Sujet: ronderëm d'Thematik „E kleng Land mat enger grousser Finanzplaz“.

Zum Sujet Fiskalitéit, mengen ech, ass iwwert déi lescht Joerzénge ganz viles iwwer Lëtzebuerg gesot ginn. A mir hunn do net ëmmer dat beschte Bild ofginn, well mer jo och eng Rëtsch Steieravantages haten, déi mer iwwer Joren ofgebaut hunn. Mee een entscheidende Moment war awer ganz bestëmmt 2014, wéi d'Regierung Bettel\*1, an där ech d'Éier hat, Finanzminister ze sinn, decidéiert huet, dass mer géifen de Wee vun der Transparenz aschloen.

Dat ass en entscheidende Moment an eiser Geschicht, an eiser Wirtschaft an am Interêt vun eiser Finanzplaz. Dee Schrëtt assuméiere mer, hu mer deemools assuméiert an assuméiere mer haut nach vill méi.

A wat heescht dat? Majo dat heescht, dass eis Ausgangspositioun haut am Kontext OpenLux eng aner ass, wéi déi, déi mer leider deemools bei LuxLeaks haten. Ech muss leider drun erënneren, dass mer deemools op enger groer Lëscht waren. Ech muss drun erënneren, dass d'Regierung eréischt am März, Abrëll 2014 decidéiert huet, dass mer géifen en Échange d'informations maachen. Dat heescht, mir waren e Land, wat natierlech op deem dote Sujet ugräifbar war, an dofir huet déi Enquête vun deemools jo déi Spueren hannerlooss an huet jo dann och eng immens Visibilitéit kritt, weltwäit, déi eisem Land geschuet huet.

De Sujet deemools waren d'Rulingen. D'Rulinge waren emol net op e Gesetz opgebaut, ech muss rappelléieren! Richtig, Rulinge gëtt et iwwerall ..., gëtt et an 22 Länner vun der Unioun, a mir hunn eis dofir och geschloen, fir dass déi Problematik vun de Rulinge soll europawäit geléist ginn. Mir hunn eis och virun déi viereg Regierunge gestallt an net gesot, dass mer e Problem mat de Rulingen hätten, mir hu just ganz kloer gesot: „Wann een dat wëllt reegelen, da muss een dat op europäescher Basis reegelen.“

A mir hunn ... Am zweete Semester 2015, wéi Lëtzebuerg d'Presidence vun der Europäescher Unioun hat, ass d'Directive de coopération administrative, genannt DAC 3, vun Europa ugehall ginn an dat ass elo säit Laangem en vigueur a mir praktizéieren dat.

Dass mir haut vill manner Rulinge maache wéi deemools ass eng Tatsaach. D'Rulinge sinn haut zu Lëtzebuerg gutt encadréiert a ginn ausgetosch mat allen europäesche Länner.

Ech wëll och drun erënneren, dass mer am selwechte Joer, 2014, early Adopter vun enger ganzer Rëtsch internationaler Konventiounen fir den Échange automatique waren, net nëmmen an Europa, Échange automatique iwwer Renseignements financiers, Leit, déi Konten hunn etc., net nëmmen an Europa, mee och baussent Europa. Early Adopter, dat heescht, mat deenen éischte Länner!

Mir waren - ganz wichteg! - associéiert mam Projet BEPS, dee faméise Projet Base Erosion and Profit Shifting vun der OCDE, deem 2010, 2011 ugaangen ass, no der internationaler a wirtschaftlecher Kris, mam But, weltwäit eng nei Landschaft fir d'Fiskalitéit ze gestalten. Do ware mir proaktiv mat derbäi. Den Zoufall huet et esou gewollt, dass dat am Hierscht 2015 zu Lima annoncéiert ginn ass, en marge vum FMI, zu engem Moment, wou Lëtzebuerg d'Presidence vun der Europäescher Unioun hat. An ech souz do op der Estrade zu Lima, wéi Europa zesumme mat alle Partner vun der OCDE annoncéiert huet, dass en Accord do wär, fir eng nei Steuerlandschaft ze maachen. Mir waren do derbäi! A mir ware proaktiv derbäi!

Mir hunn dann déi Reegelen op europäeschem Niveau ëmgesat, mat zwou groussen Direktiven: Anti-Tax Avoidance Directive 1 an 2 - déi sinn am Conseil ugehall ginn, mat der Ennerstëtzung vu Lëtzebuerg,

do ass och d'Unanimitéit gefuerdert, an hei ass dee beschte Beweis, dass d'Unanimitéit keen Obstakel ass, fir an Europa weiderzekommen -, ATAD 1 an ATAD 2, a mir hunn déi allen zwou komplett ëmgesat. Komplett ëmgesat! Dat heescht, mir si fiskalesch, op gutt Lëtzebuergesch an einfach ausgedréckt, komplett an der Rei.

Dir hutt hei virun zwou Wochen e Gesetz gestëmmt, wou mer verschide fiskalesch Mesuren änneren par rapport zu Drëttlänner, déi op enger schwaarzer Lëscht stinn, an dat och erëm op Basis vun enger europäescher Politik. An dat hu mer och ëmgesat.

Bref, mir sinn, wat d'Reegelen ubelaangt an der Fiskalitéit komplett an der Rei.

Wat an den Artikelen ... Ech ginn net ze vill an op déi Poleemiken, déi an den Article stinn, mee wat een natierlech doraus muss zéien, ass: Wou ass dann e Problem mat Lëtzebuerg an der Fiskalitéit, wa Lëtzebuerg op kenger schwaarzer Lëscht ass, op kenger groer Lëscht ass an alles anhält, a méi anhält wéi Drëttlänner, well Europa Reegelen huet, déi méi streng sinn? Wou ass do de Problem?

Zweeten Aspekt: Transparenz mat Blanchiment. Do hu mir d'Ambitioun, natierlech esou wäit wéi méiglech ze goen an alles ze maachen, fir de Blanchiment ze verhënneren. Och do applizéiere mer alleguerten d'Anti-Blanchiment-Direktiven, déi et an Europa gëtt. An déi gi komplett ëmgesat. Mir schaffen och do un der Transparenz, dass alles Méiglech gemaach gëtt, fir dass ee gesäit, wie wëllt hannerzéien. An et ass jo och esou, dass dank eisem Regëster, op deem d'Ministerin Sam Tanson herno méi am Detail wäert agoen, dank engem ganz oppene Regëster, hei verschidden Interpretatiounen gemaach ginn, déi net an der Rei sinn.

Mir sinn eis och bewosst, dass et am Blanchiment e laange Wee ass - net nëmme fir Lëtzebuerg, net nëmme fir Europa -, well fir de Blanchiment ze kontrolléieren oder den Anti-Blanchiment ze aktivéieren, mussen alleguer d'Länner matmaachen, à commencer natierlech d'europäesch Länner selwer. An dat ënnerstëtze mir voll!

En drëtten Punkt, an déi Kritik, déi ënnerschwelleg och do ass - an heiansdo och ganz kloer ausgedréckt gëtt -, dat ass d'Gréisst oder ech géif soen d'Klengheet vun eisem Land. Wéi kann ee verstoen oder akzeptéieren - ass ënnerschwelleg gemengt -, dass e klengt Land wéi Lëtzebuerg eng grouss Finanzplaz huet? Bon, doriwwer kann ee vläicht schmunzelen a soen: „Loosst se schwätzen! Dat ass alles net esou wichteg, dat ass alles Poleemik a Verbiage.“ Mee ech muss lech soen: Dat ass en fait eng Attaque frontale géint de Marché unique vun Europa.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Wat maache mir mam Marché unique an Europa? Mir hunn de fräie Verkéier, d'Fräizüegekeet, d'Libre circulation vun de Leit, vun de Gidder, vun der Servicer a vun de Capitaux. Dorop ass d'Unioun schon opgebaut gewiescht, d'Communauté européenne an de 50er a 60er Joren, an dat hu mer mam Marché unique verdéift. An dat heescht, dass ee ka fräi hin- an hiergoen, dass ee fräi hin an hier ka schaffe goen, dass ee fräi ka seng Gidder oder seng Servicer oder seng finanziell Servicer verkafen. An dat ass scho relativ al, de Marché unique: Et sinn 30 Joer hier, dass mer eis doriwwer eens gi sinn, dat ass zwëschent 1985 an 1993 verhandelt ginn. Dat sinn iwwer 30 Joer, 1985 bis haut, wou et ugefaange ginn ass. Et ass och ee vun deene gréisste Succès vun Europa. Et ass och esou, wéi mer Europa wëlle stäerken, well mir si kleng, verglach mat China, verglach mat de Vereenegte Staate vun Amerika, verglach mat der Stäerkt vu Südostasien. Dofir ass dee Marché unique gemaach ginn.

A wa verschiddener soen: „Mir brauchen europäesch Championen“, - dat ass an der Covidkris ganz vill gesot ginn, am Kontext vun der Gesondheet, vu pharmazeutesche Gesellschaften -, jo, mir brauchen europäesch Championen. Mir brauchen och an der Finanz europäesch Championen. Mir wäerten awer och net elo higoen a soen: „Déi eenzeg, déi dierfen europäesche Champion an de Finanzen ginn, solle Paräis a Frankfurt sinn.“

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Wat awer och nach ënnerschwelleg ass, an ech wëll dat hei kloer soen, dat ass ... virdu sinn d'Attacke gewiescht: „Tjo, wa Lëtzebuerg esou vill Succès huet als Finanzplaz, dann ass dat, well se Tax-Avantagen hunn a well se de Secret bancaire hunn.“ A vill waren iwwerzeegt: Wa mer hinnen dat ewechhuelen, deene kleng Lëtzeburger, da si se a Grund a Buedem zerstéiert. Eh bien, dat ass net geschitt. A mir haten de Brexit als bescht Beispill, dee bewisen huet, dass mer extreem attraktiv sinn.

An ech muss lech soen, wéi déi Decisiounen geholl gi sinn, 2014 an 2015, dat ware keng einfach Decisiounen. Do gouf et Kriticken hei. Ech verstinn déi Kriticken. Ech respektéieren déi och. Kee Mënsch wousst, ob mer wierklech esou standhaft wäeren, ob mer wierklech esou konkurrenzfäeg wäeren, wéi mer